eftet. Nic. Char-
r seine 40jährige
gkeit ein Zinn-

ng ernannte auf
John zum Ehren-
en Jean-Pierre
Präsident wird
Vorstandssitzung
der Vorstands-
um zwei erhöht,
reinsleitung jetzt
ie folgt zusam-
präsident: Nic.
kretär: Romain
Henri Zirves, So-
es Kirsch, Beisit-
son, Jean-Pierre
harpantier, Geor-
Patrick Heider-
rbé, Guy Welter,
Edmond Gredé,
und Dirk Stein-

t Al Biver
ion Aner-
ar Organisations-
Einsatz für die
schließend hielt
obert Schadeck
Referat über die
orm. L.

nung

keit dieses kur-
ns, womit auch
rn ein Sichken-
cht werde.
ar es der Spre-
ler sich bei den
ie bei Mme Fer-
dankte für ihren
orbereitung zur
ling jeder Grup-
r Patin zum Zei-
eine R wih-
of eine ssette
worauf ale bei-
ürzlich vom Pe-
gelegentlich ih-
nzerte gesungen
net sind. Kei



### E Mëttwoch zu Déifferdéng

# Erënnerungsfeier fir zwéin Nationalhelden

## Viru 50 Joer sin den Ady Claude vun Déifferdéng an den Alfons Dondelinger vun Zolwer higeriicht gin

Et war den 12. Februar 1942, wéi am Prisong zu Köln-Klingelpütz den Ady Claude, deemolege Scoutschef zu Déifferdéng a Matgrënner vun der Resistenzbewegung „Lëtzebuerger Fräiheetskämpfer" (LFK), mam Bellen higeriicht gin as (liest och de biographëschen Artikel am LW vum Mëttwoch, de 5. Februar), fënnef Minuten duerno war den Tour um Gendarm 1. Klass Dominique Dondelinger, deen zu Zolwer gebuer war an zu Rëmeléng gewunnt huet.

Fir un de 50. Doudesdag vun denen zwéin Nationalhelden ze erënneren, hun de Comité vun der „Amicale des Anciens de la Résistance de Differdange et Environs" (ARDE) an d'„Lëtzebuerger Politesch Flüchtlingen" (LPF) eng Erënnerungsfeier organiséiert den Dag selwer, Mëttwoch, den 12. Februar 1992. D'Scouten hate schon eng e Sonndeg, den 9. Februar, wéi der hei hannendru gesit.

D'Feier gët ofgehale virum Gebuertshaus vum Ady Claude op Nummer 134, an der Dicks-Lentz-Strooss zu Déifferdéng, wou schon den 22. Juni 1969 am Rumm vun enger grousser patriotescher Feier ënnert em Numm „Résistance sans frontières" eng Erënnerungsplak um Haus ugemaach gi war. Och scho virun zéng Joer, 1982, haten déi zwou Organisatiounen esou eng Erënnerungsfeier organiséiert.

E Mëttwoch, den 12. Februar, um 17.15 Auer, kommen d'Veräiner an aner Leit mat den Éiregäscht bei d'Haus vum Ady Claude; um halwer sechs fänkt dann eng „Véillée" un. Et gi Blummen niddergeluecht a Käerzen ofgebrannt. Iwwerdeems d'„Sonnerie aux Morts" gespillt gët, kënnen d'Prësidenten an d'Vertrieder vun den eenzelne Resistenzgruppen als Zeeche vum Respekt eng Käerz virun der Erënnerungsplak ufänken.

Duerno gët um halwer siwen eng Mass an der Porkiirch vun Déifferdéng gehalen. z.r.

PS: D'„Enrôlés de Force" aus der Gemeng Suessem huet en Appel an d'LW eragin, an deem si opruffen, zesumme mat hinnen a mat dem Suessemer Schöffen- a Gemengerot un dëser Feier deelzehuelen. E Sonndeg, de 15. Mäerz gët op hire Wonsch an der Zolwer Porkiirch eng Gedenkmass fir den Alfons Dondelinger zëlebréiert.




**Gedenkfeier zum 50. Todestag von Ady Claude in Differdingen**

Von den „Aal Scouten" und den jungen Scouts der Differdinger „Groupe Ste-Barbe" organisiert, fand am Sonntag die Gedenkfeier zum 50. Todestag von Ady Claude statt, Scoutschef und Resistenzler, am 12. Februar 1942 in Köln von den Nazis hingerichtet.

Außer den Differdingern hatten sich viele Scoutsbrüder und Freunde aus dem ganzen Land zu dieser bescheidenen, aber ergreifenden Feier eingefunden.

Während Michel Puckallus zu Beginn der Messe den Scout und Christen Ady Claude vorstellte, sprach Jos. Meunier am Grab über dessen Tätigkeit als Patriot und Resistenzler.

Nach der Blumenniederlegung sangen alle Anwesenden die erste und die letzte Strophe der „Hémecht" und beschlossen so die schlichte Feier zum Andenken an den lieben Freund.

(Photo: Jos. Boentges)